Communiqué de Presse

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2026

KONTINUITÉIT BEI DER CSJ

Déi Chrëschtlech Sozial Jugend huet e Samschden, 7. Mäerz 2026, zu Esch-Uelzecht hiren ordinäre Kongress oofgehalen op deem en neien Nationalcomité gewielt gouf.

Bei de Wale sinn den **President Metty Steinmetz an de Generalsekretär Laurent Braun mat iwwert 95% vun de Stëmme an hiren Funktiounen bestätegt ginn.**

Den **Metty Steinmetz** huet a senger Ried folgend Punkten ënnerstrach:

- D´CSJ begréisst d´Aféierung vun enger eenheetlecher Steierklass. Dës Reform dréit enger moderner Gesellschaft Rechnung an erkennt déi perséinlech Liewenssituatioun vun all Bierger un. Steierlech Entlaaschtunge wäerten dofir jidderengem ze gutt kommen, ob Jonk, bestuet oder elengerzéiend.
- De Logement ass a bléift eng grouss Erausfuerderung, grad fir déi Jonk. Vill ass schonn ënnerholl ginn fir de Problem unzegoen duerch d´Vereinfachung vun de Prozeduren oder steierlechen Ureizer. Et ass awer grad elo wichteg dass do weider Mesurë komme fir et de Leit ze erméiglechen en Dag iwwert dem Kapp ze hunn.

Um Kongress sinn och 6 Resolutiounen ugeholl ginn, déi der ob eisem Site fannt. Dëst bezüglech de Sujeten:

- Start-ups stäerken, Innovatioun erméiglechen
- Fir eng Reform vun den Aides Financières - Fair, Sozial a Gerecht
- Reflexioun iwwert d'Schoul a seng Sproochen zu Lëtzebuerg
- Aides à la pierre konsequent op Wierkung, Tempo a bezuelbare Wunnraum ausriichten
- De Marché locatif stabiliséieren duerch méi Offer, fair Schutzreegelen a verlässlech Steierung
- Reform vum Pacte Logement fir méi Steierung, méi Tempo a méi bedarfsorientéiert Resultater

Den neien CSJ Comité setzt sech zesummen aus:

Metty Steinmetz – **President**
32 Joer, Rosport

Laurent Braun – **Generalsekretär**
31 Joer, Stroossen

Sarah Moreira - 1. Vize Presidentin
30 Joer, Esch-Uelzecht

Eric Kieffer - 2. Vize President
21 Joer, Gréiwemaacher

Vertrieder Zentrum

- Basile Dell
- Ben Farschon
- Caroline Schloesser

Vertrieder Osten:

- Alex Roth
- Mich Weber

Vertrieder Norden:

- Vincent Koks
- Anne Steichen

Vertrieder Süden:

- Olivier Broy
- Ben Klecker
- Kelly Pleim

Vertrieder Schüler a Studenten:

- Charlotte (Lotti) Beneke
- Tim Delles

Bezierkspresidenten:

- Gabriel Jordanov - Bezierk Süden
- Eric Kieffer - Bezierk Osten
- Grace Gales - Bezierk Norden
- Ben Felgen - President Zentrum

Fir den CSJ Nationalcomité.

Metty STEINMETZ
CSJ Nationalpresident

Laurent BRAUN
CSJ Generalsekretär